ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Gast Gibéryen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. November 2018

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Verschidde Puppelcher hunn eng Intoleranz op Laktos. Och Reaktiounen op PLV (Protéine de lait de vache) kënne fir kleng Kanner schlëmm Folgen hunn, wéi leider den Doud vun engem Bouf vu 6 Joer et nach viru Kuerzem gewisen huet.

Dës Bëbeeën a kleng Kanner sinn op Substitutiounsproduiten, wéi zum Beispill Räismëllech, ugewisen. Et gëtt awer anscheinend am Abléck eng Penurie vun esou Produkter, besonnesch vun "Novalac Novarice", dat hei zu Lëtzebuerg de Maart dominéiert. Dës Situatioun schéngt och scho méi laang ze bestoen, wahrscheinlech scho vum Mount September un. An der Tëschenzäit schéngen och d'Stocke fir méiglech alternativ Produkter zu Lëtzebuerg an esou guer an der Groussregioun op en Enn ze goen.

Doweinst wéilt ech der Madamm Minister dës Froe stellen:

1) Ass der Madamm Minister dëse Problem bekannt? Wéi eng Informatiounen huet si doriwwer an zënter wéini? Wat sinn d'Ursaache vun dëser Situatioun ? Ass viraus ze gesinn, wéi laang dee Problem kann daueren ?

2) Huet de Gesondheetsministère eng Kommunikatiounsstrategie fir esou Fäll, an deenen d'Elteren jo misste mat Zäiten iwwer Problemer informéiert ginn, fir eventuell Moossname kënnen ze huele fir hir Kanner gesond ze ernieren ?

3) Gëtt et eventuell Méiglechkeete fir vu Regierungssäit dorop anzewierken, datt méi wéi nëmmen eng Mark vu méiglechen Alternative fir laktosintolerant Puppelcher a Kanner hei zu Lëtzebuerg kommerzialiséiert ginn an esou Ofhängegkeeten ze reduzéieren ?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique